N° 4740
Reçue le 26.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.07.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,
Référence: 535/2021
29 JUIL. 2021
A traiter par:
Copie à:

Lëtzebuerg, de 23. Juli 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir lech, dës parlamentaresch Fro zu Entschiedegungen an der Landwirtschaft un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

Vill Bauere goufen an der leschter Woch duerch d'Héichwaasser iwwerrascht wouduerch et zu diverse Schied komm ass. De Landwirtschaftsminister hat awer schnell op d'Iwwerschwemmunge reagéiert, wat och vu ville Bauere begréisst ginn ass. Bis ewell ass awer nach näischt iwwert di konkret Montant'en bekannt di sollen ausbezuelt ginn. Weider kennen d'Baueren och d'Véi mellen di am Héichwaasser ëmkomm sinn.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi sinn d'Bauere virun dem Héichwaasser gewarnt ginn?
2. Kann den Här Landwirtschaftsminister schonn d'Montant'en fir d'Entschiedegungen di d'Bauere kënnen ufroen, ofschätzen?
3. Si Béischten ëmkomm? Wann jo, wéi vill a wéi vill Sue sollen pro Véi ausbezuelt ginn?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Marc Spautz

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 535/21

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

Luxembourg, le 2 septembre 2021

**Objet:** Question parlementaire n° 4740 des honorables Députés Madame Martine Hansen et Monsieur Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 4740 des honorables Députés Martine Hansen et Marc Spautz**

1. **Wéi sinn d'Bauere virun dem Héichwaasser gewarnt ginn?**

Hei wëll ech op d'Äntwert op d'Fro n° 4675 verweisen.

2. **Kann den Här Landwirtschaftsminister schonn d'Montant'en fir d'Entschiedegungen, di d'Bauere kënnen ufroen, ofschätzen?**

No dem schlechte Wieder an den Iwwerschwemmungen, déi de 14. a 15. Juli 2021 opgetruede sinn, konnte Baueren, Wënzer a Gäertner, déi u Schued gelidden hunn, eng Demande fir Hëllef via en Online Formulaire op der „My-Guichet"-Plattform bis den 20. August ofginn.
Bis elo huet de Ministère fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung 153 Ufroe fir finanziell Hëllef vun de betraffene Leit kritt, dorënner:

- 17 betreffend Schied un de Gebaier
- 44 fir materielle Schued wéi landwirtschaftlech Maschinnen an Ausrëschtung
- 629 Botte Fudder
- 134 betreffend beschiedegt Kulturen
  Wisen a Weiden (723 ha)
  Getreide (16 ha)
  Mais (77 ha)
  Geméis (2,5 ha)
  Wéngerten (2 ha)

Bis haut gëtt dee Gesamtbetrag vum Schued op 1.650.000 € geschat.

3. **Si Béischten ëmkomm? Wann jo, wéi vill a wéi vill Sue solle pro Véi ausbezuelt ginn.**

Laut den Informatiounen, déi dem Landwirtschaftsministär virleien, ass 1 Béischt ëmkomm. Eng Demande fir eng Entschiedegung läit mengen Servicer net fir, sou dass dovun auszegoen ass, dass d'Assurance fir de Schued opkënnt.

---------------------------------------------------